LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

La Ministre de la Coopération
et de l'Action humanitaire

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

Deklaratioun iwwert d 'lëtzebuerger Entwécklungspolitik

presentéiert vun der

Madame Paulette LENERT
Ministesch fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten

an der Chamber
den 14. Mee 2019

Et zielt dat geschwatent Wuert

Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten,
Mesdames et Messieurs les Représentants des Missions diplomatiques,

Et ass di éischte Kéier, dass ech d'Éier hunn, virun der Chamber d'Deklaratioun iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik ze maachen an ech wäert iech net verstoppen dass ech dësen Exercice mat gemëschte Gefiller maachen:

2018 hu mer 401 MEUR ëffentlech Entwécklungsmëttel investéiert a fir 2019 sinn der 420 MEUR virgesinn. Domadder bleiwe mir onsem Engagement, sou wéi et am Regierungsprogramm zeréckbehale ginn ass, trei, fir och iwwert di nächst Joeren weiderhin 1% vu onsem RNB a Projeten ze investéiere di onse Matmënschen a manner privilegéierte Länner direkt zegutt wäerte kommen.

Matt dësem Bäitrag läit Lëtzebuerg ganz kloer net nëmmen am Peloton de tête vun de generéiste Geberlänner, d.h. un 2ter Stell, direkt hannert Schweden, ma gehéiert domadder och zu deene wéinege Länner di hiren internationalen Engagement vun 0,7% bis ewell nach ëmmer gehal hunn.

Dass mir als eent vun de räichste Länner vun der Welt mat engem PIB per Kapita vun 112.850 USD laut dem FMI och un ieweschter Platz sti wat Solidaritéit no bausse betrefft, dat weist dass mir nach ëmmer wësse wou mer hierkommen, dass mer d'Häerz op der richteger Platz hunn an dass elementar humanistesch Valeure vu Solidaritéit an Zesummenhalt fir ons keng eidel Wieder sinn.

Gemëschte Gefiller trotzdem well d'Ambitiounen an d'Erausfuederungen un d'Entwécklungspolitik si grouss, an et gesäit momentan net esou aus wéi wa mer se kéinten erfëllen :

Ech erënneren drun dass Lëtzebuerg, zesumme mat der Staatengemeinschaft, sech am Joer 2000 duerch d'Millenniumserklärung vun de Vereente Natiounen zum Zil gesat hat, den Undeel u Mënschen, di an extremer Aarmut liewen, bis 2015 ze halbéieren.

Dat ass leider nëmmen deels gelongen. Wuel ass d'extrem Aarmut global gesinn prozentual erof gaang op 10% vun der Weltbevëlkerung am Joer 2015 mee dat täuscht awer net iwwer d'Tatsaach ewech dass d'Unzuel u Mënschen di haut nach ëmmer mat manner wei 1,90 Dollar pro Dag mussen auskommen, all Dag weider klëmmt: et sinn der aktuell em déi 800 Milliounen an dës äermste Mënsche sinn virun allem an deene Länner konzentréiert di als di sougenannte *pays fragiles* gëllen, d.h. déi Länner di vun Konflikter a Gewalt gezeechent sinn, a wou de Staat di basesch Besoin'en a Rechter net ka garantéieren.

Déi global APD loung 2018 bei 153 Milliarden USD, an et feelen weltwäit all Joer schätzungsweis em déi 2,5 Trilliarden USD un Investissementer an den Entwécklungslänner, fir *d'Objectifs du développement durable* bis 2030 ze erreechen.

Gemëschte Gefiller also wann een d'Ausmooss vun der Aarmut, der Ongläichheet a letztendlech der Ongerechtegkeet an d'Aa kuckt déi d'Erausfuederungen sinn deenen een als Kooperatiounsminister géigeniwwer steet.

Well och wa 420 Milliounen Euro fir ons vill Geld ass, esou läit dach op der Hand dass onse Bäitrag, global gesinn, natierlech nëmme ka bescheide sinn.

Dëst gesot sinn ech der Meenung dass et grad dofir eng Prinzipiesaach soll si fir Lëtzebuerg, als eent vun de räichste Länner op dëser Welt, Verantwortung ze iwwerhuelen, an sech als en engagéierten an effizienten Acteur an der internationaler Staategemeinschaft ze positionéieren.

Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik dat bedeit ganz konkret:

a. Eng **Präsenz op sämtleche Kontinenter**, mat méi wei 1.000 eenzel cofinanzéierten Projet'en,

b. Eng **Aarbecht am Partenariat**, mat iwwer 65 agréëierten ONG, 24 UNO Agence, 7 aneren EU Memberstaaten, an enger 20 lëtzebuerger Privatbetriber.

c. **Eng gedeelte Verantwortung**: Nieft dem MAE deen insgesamt ronn 83% vun der APD verwalt, ass och de Finanzministère mat ronn 10% vun der APD u Bord, an ass zoustänneg fir alles wat international Finanzinstitutiounen sinn, wéi d'**Weltbank**, den **FMI, d'Afrikanesch an déi Asiatesch Entwécklungsbanken**. Donieft contribuéieren awer och nach aner Ministèren zu onser nationaler APD, wéi de Gesondheetsministère, de Kulturministère, den Héichschoulministère, an och d'Fonction publique.

Fir d'Kohärenz tëscht all dësen Acteuren ze garantéieren ass de *Comité interministeriel pour la Coopération au Développement* zoustänneg. Hei ginn souwuel déi grouss **Orientatiounen** vun der Kooperatiounspolitik diskutéiert, wéi och **d'Gesamtkohärenz tëscht de verschiddenen Politiken,** an hiren potenziellen Afloss op d'Entwécklungslänner gepréift. Fir d'société civile mat anzebannen, ass den **Cercle de Coopération** vun den ONG'en all Kéiers an dee Comité invitéiert fir iwwert *d'cohérence des politiques pour le développement* ze schwätzen.

Am Sënn vun nohalteger Entwécklung, besteet och eng enk Zesummenaarbecht mat der CIDD, der **Commission Interdépartemantale pour le Développement Durable**, déi zoustänneg ass fir den PNDD, den nationalen Plang fir den Développement durable. Eng ganz konkret Mesure un där Momentan geschafft gëtt ass den Nohaltegkeets-Check deen et erlabe wäert an Zukunft ons Gesetzer *ex ante* op hir Nohaltegkeet ze préiwen, an zwar iert se gestëmmt ginn. Matt dëser Mesure droe mir ënner anerem enger Recommandatioun vun der Peer Review vum CAD Rechnung, déi 2017 hei een Schwaachpunkt an onsem System ervirgehuewen hat.

Eng équilibréiert Repartitioun: Ronn **30%** vun onser APD ginn an di multilateral Zesummenaarbecht, d.h. 24 UNO Agencen, an 14 aner international Organisatiounen. Ons **bilateral Hëllef mécht deemno 70%** vun der APD aus. Dovunner setzt d'LuxDev 36% ëm, mat enger Enveloppe budgétaire vu ronn 100 MEUR d'lescht Joer, an ons ONGen 27 %. Déi aner 37% setzt mäin Ministère direkt ëm, oder mat aner Partner déi dofir en Mandat kréien.

D'Lëtzebuerger Kooperatioun, dat ass awer och eng **Équipe vun 76 Leit**, dovunner **32** hei um Siège zu Lëtzebuerg, an **44 um Terrain**, op onsen 11 Ambassaden a lokale Bureauen, déi zesummen am direkte Kontakt mat onse Partnerlänner sinn, an ouni

deenen hier Expertise an hiren Asaatz et keng Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik géif ginn.

LuxDev fir hiren Deel steet mat enger Equipe vun **102 Leit** am Déngscht vun der Kooperatioun vun deenen ronn d'Halschent um Terrain am Asaz ass, dëst an direkter Zesummenaarbecht mat enger Équipe vu weideren **483** lokalen an internationalen Experten.

An dann zielen ech nach net déi vill engagéiert Mataarbechter vun den 94 agrééierten ONGen mat.

Dir Dammen an dir Hären,

Enn Juni kennt den alljährleche Rapport annuel vun der Lëtzebuerger Kooperatioun eraus, deen och dëst Joer nees detailléierten Opschloss wäert liwweren zu allem wat an dësem Beräich am Joer 2018 gemaach ginn ass. Mäin Discours vun haut ass dofir net als Paraphrase vum Rapport annuel geduecht, mee als eng Diskussiounsbasis fir e konstruktive Bléck no vir.

Et ass mer wichteg dësen Débat an der Chamber kënnen ze féieren, well d'Gestaltung vun onser Entwécklungspolitik, alleng schonn nëmme budgetär gesinn, e groussen Deel vun onser Aussepolitik ausmécht, an dofir d'Bierger vun dësem Land, déi op dëser Platz duerch Iech vertruede sinn, och e Recht drop hunn matzeschwätzen an hier Iwwerleeungen afléissen ze loossen.

Fir efficace ze sinn, an e **konkreten Impakt** ze hunn, hu mer ons Aktioun iwwer di lescht 5 Joeren souwuel geographesch, wéi och thematesch méi staark konzentréiert. Sou si mer vun 10 op 7 sougenannte prioritär Partnerlänner erofgaang an mir hunn e strategeschen Fokus op Afrika, a spezifesch de Sahel gesat.

Dëst ass en Ligne mat de Recommandatiounen vun der OCDE (CAD), mam europäeschen Konsens fir den Développement, an och mat der neier **strategescher Allianz tëscht Afrika an Europa**, déi vum Kommissiounspresident Juncker am Juli d'lescht Joer lancéiert gouf an um **EU-Afrika Sommet zu Wien**, wou ech am Dezember wor, diskutéiert gouf.

Vu dass d'lescht Joer am Dezember déi traditionell Deklaratioun wéinst den Walen net stattfonnt huet, wollt ech di 14 Länner eng Kéier uschwätzen an deenen mer a Form vu pluriannuelle Engagementer aktiv sinn.

Ech fänken u mam **Niger**, dem Land dat zur Zäit op leschter Platz vum Indicateur de Développement humain (IDH) vun der UNO. Dëst Partnerland ass enger Vilfalt un Défien ausgesat – vum Klimawandel hin bis zu Gewaltdoten vun extremisteschen Gruppen. Lëtzebuerg ass hei säit 30 Joer, ganz staark engagéiert, mat enger lafender Enveloppe vun 85,5 Milliounen EUR iwwer 5 Joer (2016-2020), wat den Niger zu onsem éischte Bénéficiaire mécht.

De Niger ass e gutt Beispill vun europäescher Zesummenaarbecht a weist dass Lëtzebuerg e geschätzte Partner ass, net nëmme wéinst sengem finanzielle Beitrag zur Entwécklungszesummenaarbecht, mee och doriwwer raus, opgrond vu senger Expertise um Terrain.

Am Waassersecteur, si mir nämlech *Chef de file*, dat heescht dass mir d'Coordinatioun vun all den Bailleurs'en an deem Secteur iwwerhuelen, fir zesummen mat der nigerescher Regierung eng kohärent Strategie auszeschaffen an ëmzesetzen. An dësem ganz wichtege Secteur hu mir et och fäerdeg bruecht aner Länner wéi Dänemark an Holland ze mobiliséieren fir zesummen ze investéieren.

Mir hu grad d'Revue à mi-parcours vun onsem Programm am Niger ofgeschloss. Dat ass eng extern an onofhängeg Evaluatioun vun all onsen Aktiounen an deem Land. Ech wäert Enn dës Joers dohi goen fir zesummen mat eisen nigereschen an europäesche Partner d'Recommandatiounen vun där Evaluatioun ëmzesetzen an eng gemeinsam Iwwerleeung ze féieren iwwert déi zukënfteg Accenten déi mir an dësem Land wëllen setzen, dëst am Kontext, ënner anerem, vun der Analyse conjointe vun dësem Land déi zur Zäit op EU Niveau um lafen ass .

Virun zwanzeg Joer huet Lëtzebuerg säin *Accord général de coopération* mam **Burkina Faso** ënnerschriwwen, an d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef ass iwwert déi zwee Jorzéngten kontinuéierlech gewuess. Am Kader vun eisem aktuelle PIC si mir nieft eisen traditionellen Secteuren (Educatioun, professionell Ausbildung an nohalteg Gestioun vun natierlechen Ressourcen) am Domaine vun den

Informatiouns- an Kommunikatiounstechnologien (TICen) konsequent engagéiert. Zesummen mat der SES investéieren mer an dësen zukunftsorientéierten Secteur an et ass eis Ambitioun d'Regierung och weiderhin ze ënnerstëtzen fir Konnektivitéit iwwert de ganzen Territoire hierzestellen, an déi verschidden, deels wäit ofgeleeëne Regiounen mateneen ze vernetzen. Dëst ass besonnesch wichteg an engem Land wou d'Sécherheetssituatioun zouséiends ofhëlt a wou et gëllt där jonker Bevëlkerung néi Perspektiven an eng besser Zukunft ze bidden. No den Evenementer dëse Weekend, huet sech d'Situatioun nach méi zougespëtzt an d'Aarbecht um Terrain gëtt ëmmer méi komplizéiert, well een a verschidden Zonen vum Land net méi däerf higoen.

De **Mali,** wou mir säit 1998 present sinn, ass lo scho säit Joren an engem Krisenzoustand, an Lëtzebuerg ass trotzdem, oder besser gesot grad dowéint, ëmmer aktiv do bliwwen, och am Norden, fir der Bevëlkerung déi schrecklech ënnert dësem Zoustand leit, ënnert d'Äerm ze gräifen. Ech wëll heimat ënnersträichen dass ee ka Resultater bréngen och an schwierege Situatiounen. Et sinn och déi schwiereg Situatiounen déi d'Lëtzebuerger Kooperatioun an hier Agence LuxDev auszeechnen. Am Beräich vun der Agrikultur zum Beispill, huet Lëtzebuerg zanter zéng Joer eng 2.300 ha Land duerch Irrigatioun nees fruchtbar gemaach, an erlaabt iwwer 30.000 Mënschen an der Plaine de San hier Liewensmëttelsécherheet nees ze garantéieren andeems se kënnen Reis ubauen.

An dësem Land ass d'Sëcherheetssituatioun nach méi précaire wei am Burkina. Terroristesch Groupementer multiplizéieren sech, d'Kriminalitéit geet an d'Luucht an d'Presenz vum Staat ass a wäiten Deeler vum Land inexistent. Dëst, an weider Elementer wéi den Kampf ëm natierlech Ressourcen, droen leider dozou bäi dass ethnesch Tensiounen sech wieder zouspëtzen. De Massaker virun annerhallwe Mount vun engem ganzen Duerf am Zentrum vum Land, wou méi wéi 160 Bewunner vun der Ethnie Peulh ëmkomm sinn, ass en trauregen, awer leider keen isoléierten, Beweis dovun.

Am Beräich vun der Sécherheet ënnerstëtzt Lëtzebuerg zanter e puer Joer de Mali souwuel op ziviller wie militärescher Basis, andeems Lëtzebuerger Polizisten an

Zaldoten an den Trainingsmissiounen vun der EU an der MINUSMA deelhuelen. Dës Kollaboratioun soll an der Zukunft nach weider ausgebaut ginn, fir dass d'malesch Regierung, à terme, hiren Territoire nees kann securiséieren.

Här President,
Dir Dammen an dir Häre,

Erlaabt mer hei e puer Wuert zur **Sécherheet** vun onsen eegene Leit am Sahel ze soen, well dat ass eng top Prioritéit fir mech. Iwwert déi lescht 2 Joren hu mer massiv an d'Securitéit investéiert: Infrastrukturen goufen verbessert (souwuel d'Ambassaden wei d'Residenzen), nei Equipementer an neit Kommunikatiounsmaterial gouf kaf, Spezialisten goufen a gi recrutéiert, an Formatiounen goufen gehal, hei zu Lëtzebuerg an sur place. Zesummen mam Ausseministère, mat der Police, der ANS, den Bâtiments publics, an der Arméi sinn eng ganz Rei Mesuren geholl gi fir d'Sécherheet vun onse Leit ze garantéieren, an ech si frou kënnen matzedeelen dass mer ganz rezent en Accord mat der Arméi fonnt hunn fir ons och weiderhin bei dëser Aufgab um Terrain am Sahel ze begleeden.

Loosse mer zeréck an Afrika goen, wou virun e bëssen méi wéi 2 Wochen meng éischt Visite an den **Senegal** geplangt wor, mee déi finalement just op techneschem Niveau stattfonnt huet, wéinst der Staatstrauer. Dir Dammen an dir Hären, erlaabt mer op dëser Platz mäi Respekt virum verstuerwenen Grand-Duc Jean auszedrécken, dee sech säi Liewen laang fir de Fridden an eng besser Welt agesat huet, an och den deemolegen éischte President Léopold Senghor perséinlech ganz gutt kannt huet.

E Réckbléck op 30 Joer Kooperatioun weist dass do wou mir schonn an den 80er Joer mat der Rehabilitatioun vun der Maternité am Centre Hospitalier Régional zu Saint-Louis ugefaangen hunn, nämlech am Gesondheetswiesen, nach ëmmer groussen Handlungsbedarf ass. Zevill schwanger Fraen packen et am Noutfall nach ëmmer net mat Zäit an d'Spidol, well et u lokalen Infrastrukturen an un Transportmëttel feelt.

Haut konzentréieren mir eis virun allem op d'Gestioun vun den Urgencen. Mir sinn am gaangen mam Senegal een kompletten System ze entwéckelen deen et 24 Stonnen op 24 erlaabt Uriff an der Urgence ze empfänken an och ze traitéieren, dëst mam Resultat dass sech d'Interventiounen iwwert di lescht puer Joer méi ewéi vervéierfacht hunn.

Iwwert de Gesondheetsberäich eraus, engagéieren mer eis säit méi wéi 20 Joer och an der Formation professionelle, e Beräich an deem d'Erausfuerderungen grouss si well all Joer ronn 260.000 jonk Fraen an Männer am Senegal zousätzlech op den Aarbechtsmaart kommen.

Am Senegal, wei an all onsen Partnerlänner, lee mir och ganz vill Wäert op d'Gläichberechtegung tëscht Mann a Fra. Ons Agence LuxDev huet zu dësem Thema e rezente *Rapport de capitalisation* publizéiert, deen "bonnes pratiques" vun de leschte Joeren zesummefaasst, a Rekommandatiounen mécht fir an Zukunft eng besser Verankerung vu verschidde Prinzipien an der Praxis duerchzesetzen.

En anere graven Problem, iwwert dee net oft genuch geschwat gëtt ass d'sexuell Gewalt géigeniwwer Fraen an dacks ganz jonke Meedercher, déi nach ganz wäit verbreet ass. Virun 3 Wochen konnte mer zu Ziguinchor den éischte Steen leeën vun engem integréierten Zentrum fir d'Affer vun *violences sexuelles*. Integréiert heescht dass souwuel déi medezinesch Betreiung gemaach gëtt, wei och déi psychologesch, an dono d'Begleedung fir nees an der Gesellschaft Fouss ze faassen.

Mir wëllen an Zukunft méi bewosst op Präventioun a Sensibilisatioun setzen. Dass Lëtzebuerg dat kann huet sech lo kierzlech nees gewisen duerch de grousse Succès vun der remarquabler Konferenz: *Stand, Speak, Rise Up – pour mettre fin aux violences sexuelles dans les zones sensibles,* déi ons Grande-Duchesse an hir Fondatioun, zesummen mat dem Women's Forum, der Fondatioun vum Dr. Denis Mukwege an der ONG *We are Not Weapons of War*, am Mäerz hei zu Lëtzebuerg organiséiert huet.

Dir Dammen an dir Hären,

Ee fënneft afrikanescht Land, mat dem mer déi diversifiéiertsten Relatiounen hunn ass de **Cabo Verde**. Ech erënneren un d'Staatsvisite am Mäerz 2015, wou och eng Business Delegatioun deelgeholl huet, mat spezifeschem Fokus op den Tourismus, d'erneierbar Energien an déi maritim Industrie.

Am Kader vun dëser Visite gouf den aktuellen PIC ënnerschriwwen, deen 2020 wäert op en Enn kommen, an aktuell eng Enveloppe vun 54 MEUR huet. Nieft dem *Appui budgétaire sectoriel* an der professioneller Formatioun, ass et mer wichteg de besonneschen Rôle vu Lëtzebuerg am Beräich vun den erneierbaren Energien ervirzehiewen. Mat der Kreatioun vum CERMI, dem "Centre des énergies renouvelables et de la maintenance industrielle", si mir hei ganz nei Weeër gaang fir souwuel d'Betriber wéi och di kommend Generatiounen op d'Erausfuerderunge vun engem konsequenten Ëmdenken virzebereeden. An dem Sënn gouf lo rezent e Partenariat-Public-Privé mam Lëtzebuerger Centre de Compétences GTB ofgeschloss huet. Mir hunn dës weideren dem Land gehollef en innovative legale Kader ze schafen fir déi erneierbar Energien ze förderen an ze reglementéieren.

Aner Héichpunkten vun onser Kooperatioun am Cap Vert, sinn ons Hotelsschoulen a Formatiounen, an engem Land wat plangt an Zukunft 4 Mol souvill Touristen pro Joer ze empfänken wei et Awunner huet. Do stellen sech vill Froen a Punkto Environnement an Nohaltegkeet. An deem Kontext wäert ech deemnächst, eng Rei Projeten ënnerschreiwen, fir z.B. zwou Solaranlagen ze bauen fir d'Entsalzung vum Mierwaasser, an och verschidden Étuden ze realiséieren fir d'Inselen méi, oder souguer integral, op erneierbar Energien opzebauen. Déi éischt Elektro-Autoen hunn och duerch ons Kooperatioun hire Wee op den Cabo Verde fonnt an d'Regierung dohannen well elo resolut op där Schinn weiderfueren.

Nieft dëse fënnef afrikanesche Länner, ass ons Kooperatioun och present an Asien, an Zentral Amerika, an aktiv am noen Osten. Et ass fir e Land wéi Lëtzebuerg wichteg eng global Präsenz op deenen dräi Kontinenten ze hunn.

Asien

An Asien sinn mir weider amgaangen Kooperatioun an 4 Länner ze maachen. An eisem privilegéierte Partnerland dem **Laos,** hu mer e lafende PIC vun 75 MEUR bis 2020, dëst an den Secteuren Gesondheet, ländlech integréiert Entwécklung, Formatioun am Tourismus (zesummen mat der Schwäiz), an och an der bonne Gouvernance. Och hei bréngen mer Acteuren vun deenen zwee Länner zesummen, sou wei de Statec oder och d' Uni.lu. Ech plangen am September eng Rees an de

Laos, wou mir dann och iwwert eis zukënfteg Kooperatioun mat deem Land schwätzen wäerten.

Am **Vietnam**, dem Laos sengem Noopeschland, hunn ons traditionell Développement's-Aktivitéiten evoluéiert, well de Vietnam jo en sougenanntent *Middle Income Country* ass, an net méi sou staark op Entwécklungshëllef ënner Form vun Don'en ugewisen ass. An deem Sënn förderen mir och hei d'Diversifikatioun vun de Relatiounen tëscht Acteuren aus onsen zwee Länner, wei dat beispillsweis och haut schonn am Finanzsecteur geschitt.

Am **Myanmar** ass 2017 d'Ënnerschrëft vun engem neien *Accord général de Cooperation* op Äis geluecht ginn, wéinst der Rohingya-Kris. Aktuell fueren mir awer virun mat eisen zwee Projet'en, déi justement de manner bemëttelten Minoritéiten am Land zegutt kommen, am Secteur vun der Formatioun am Tourismus an der ländlecher Entwécklung.

Mir wäerten an deene nächsten Méint intern évaluéieren wéi mir eis Kooperatioun an dësem Land virun féieren kennen, wat net nëmmen ofhängeg vum Wëllen vun der birmanescher Regierung wäert sin, mee och vun de Konklusiounen vun der lafender *Etude de faisabilité* par rapport zu dësem Land op EU-Niveau.

Dës weideren sinn mir an Asien och an der **Mongolei** aktiv, wou mir mat ganz vill Succès am Secteur vun der Gesondheet schaffen. Onsen Télémédecine's-Projet, dee ganz vun den nationale Partner ëmgesat gëtt, couvréiert mëttlerweil all Provënzen vum Land an ass eng international Referenz an deem Beräich. Am Domaine vun der Kardiologie ënnerstëtzen mer dës weideren eng laangjäreg Zesummenaarbecht tëscht onsem INCCI (Institut National de Chirurgie Cardiaque et de Cardiologie Innterventionnelle) an hirem National Heart Center, dee mer mathëllefen opzebauen. Dës Kooperatioun funktionéiert ganz gutt a gëtt vun der Mongolei selwer geleet. An dësem Sënn wäerte mir och weider mat hinnen an dem Secteur vun der Gesondheet, an notamment der Kardiologie, weider schaffen.

An **Zentralamerika** ass Lëtzebuerg schonn zënter de 90er Joeren present, an huet souwuel am Nicaragua wéi och am Salvador ganz vill Resultater opweises. Am **Nicaragua** gouf d'Joer 2018 leider duerch d'sozio-politesch Kris bestëmmt, déi dëst Land zënter den gewaltsamen Manifestatiounen, am Abrëll virun engem Joer, fest am Grëff huet. Konfrontéiert mat enger weiderer Verschlechterung vun dëser Situatioun, huet Lëtzebuerg décidéiert all direkt Finanzementer fir d'nicaraguanesch Regierung prinzipiell anzefréieren. Et ass awer wichteg ervirzesträichen datt mir um operationelle Niveau de Bau vun enger wichteger Klinik am Norden vum Land net wollte compromettéieren an dofir lo am gaang sinn ze finaliséieren.

Iwwerdeems hu mir ons Ënnerstëtzung fir d'Zivilgesellschaft an d'Mënscherechtsorganisatiounen verstäerkt, ënnert anerem duerch d'Signature vun enger neier Konventioun mat OXFAM am Juli 2018. Och *d'Commission interaméricaine des Droits de l'homme* (CIIDH) an den *Haut-Commissariat des Nations Unies aux droits de l'Homme* (HCDH) sinn Deel vun dëser verstäerkter Ënnerstëtzung; béid Organisatiounen observéieren d'Mënscherechtssituatioun am Nicaragua ganz genee an droen en wesentlechen Deel zur korrekter Bewäertung vun den Evenementer sur place bäi. Weiderhin huet d'Lëtzebuerger Regierung dem nicaraguaneschen Roude Kräiz ënnert d'Äerm gegraff; eng Organisatioun déi sech an dëser Kris besonnesch duerch den Transport vun Blesséierten ausgezeechent huet. Rezent hu mir och eng Millioun Euro zougesot fir d'School feeding Initiative vum *Programme Alimentaire Mondial* (PAM) ze ënnerstëtzen, an zwou vulnérabelen Regiounen vum Land.

Am **Salvador,** wat grad wéi de Vietnam, en "Pays à Revenu intermédiaire" ass, gouf och e neie Modell vun der Zesummenaarbecht lancéiert, deen dem wiertschaftlechen an sozialen Fortschrëtter vum Land Rechnung dréit. Dëse neien Modell erméiglecht d'Ëmsetzung vun innovative Projeten, besonnesch am Beräich vun der *Coopération Sud-Sud* an *Triangulaire.* Am ganze goufen bis elo 35 esou Projet'en ënnerstëtzt, wat de Salvador zu engem Virreider an deem Domaine a ganz

Latäinamerika gemaach huet. Ee konkret Beispill ass d'Opstellung vun engem regionalen Réseau vun Auto-Entrepreneuriat (self-employment) fir lokal Produits du Terroir ze vermaarten.

Loosse mer nees zeréck an **Europa** kommen an e puer Wuert soen zum Engagement vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef am **Kosovo**, dat jéngste Land um europäeschen Kontinent. Mir hunn 1999 - nom Konflikt- mat humanitärer Hëllef do ugefaang an stinn haut dem kosovaresche Partner zur Säit, um Wee fir säi Rapprochement mat der Europäescher Unioun. Een Haaptproblem ass den Manktem un Ausbildung, an dofir ënnerstëtze mer virun allem den Éducatiounsministère a senge Reformen, mee och z.B. d'Caritas, déi eng lokal ONG am Kosovo gegrënnt huet fir deene vulnérabele Schichten an der Populatioun nei Perspektiven ze ginn. Wéi och an aneren vun onsen Partnerlänner wäerte mer och hei geschwënn eng strategesch Evaluatioun vun eisem Engagement lancéieren.

Last but not least e puer Wuert zum Noen an Mëttleren Osten. Do hu mer zwar keng physesch Präsenz, mee ons Kooperatioun ass awer och do ganz aktiv, notamment a **Palestina** an am **Afghanistan**.

Iwwert die multilateral Schinn ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Kooperatioun d'**UNRWA**, di eisen Haaptpartner fir déi palestinensesch Flüchtlingen ass.

Lëtzebuerg setzt seng Ënnerstëtzung vun de lokalen ONG'en an der Zivilgesellschaft an Palestina och virun, an dat an den Secteuren vun der ländlecher Entwécklung, dem Kampf géint Korruptioun, souwéi an der psychosozialer Ënnerstëtzung vun de Leit déi ënnert dem Konflikt schwéier gelidden hunn.

Zënter 2011 ass d'Lëtzebuerger Kooperatioun och am Afghanistan an am Tadjikistan aktiv, mat Hëllef vun der däitscher Fondatioun **PATRIP** an Zesummenaarbecht mat den däitsche Kollegen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt an dësem Kader awer och eng dänesch ONG (Mission East) déi zoustänneg ass fir fléissend Waasser an Sanitäranlagen an ofgeschnidden Dierfer an de Bierger ze bréngen, dat op béide Säiten vun der Grenz.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

No de Länner, wëll ech mat iech ons Secteuren méi genee kucken, an déi mer prioritär op bilateraler Schinn investéieren. Do läit un éischter Stell d'**Educatioun an d'Formation professionnelle** mat 15%. Op zweeter Platz kënnt **d'Santé** mat 10,5%. Dono d'Gouvernance an d'Société civile mat 8%, d'**Agrikultur** mat 7%, **d'Waasser** mat 6,8%, an d'Finance inclusive matt 6%.

An dëse Secteuren hu mir kloeren Impakt. Laut enger rezenter Etude vum Overseas Development Institute vu London, figuréiert Lëtzebuerg op éischter Plaz an der Kategorie vun der "**gewëssenhafter Hëllef**" a bekleed domadder eng virbildlech Roll nieft Groussbritannien, Schweden, Irland, Norwegen, Kanada a Japan.

Mäin Uleies iwwer di nächst Joren wäert et sinn eng Perspektiv ze schafen déi Lëtzebuerg och weiderhi visibel mécht als e klenge, mee dofir em sou méi effizienten an innovative Partner, deen ee gären an der Equipe huet wann et dorëms geet Grousses gemeinsam unzegoen.

Den Trend hautzedaags geet allze oft a Richtung vu vill méi enger skrupelloser Hëllef, wou et den Donateuren haaptsächlech dorëms geet sech selwer wiertschaftlech a geopolitesch Virdeeler ze sécheren.

Lëtzebuerg glänzt besonnesch duerch seng *Aide non liée* an wat di sozial Ausriichtung betrëfft, an de Fokus op Problemer di nëmme global kenne geléist ginn, wéi zum Beispill d'Bekämpfung vun Infektiounskrankheeten a Klimawandel.

D'Ambitioun och weiderhin international als e wäertvollen, a virun allem gewëssenhafte, Partner ze gëllen wäert während de nächste Joeren ganz uewen op onser Agenda stoen.

Wéi eng Secteure gesi mir dofir als prioritär un?

Educatioun :

Ass a bleift an Zukunft eran ee vun onsen Haaptschwéierpunkten. Weltwäit gëtt et ëmmer nach circa 260 Milliounen Jugendlecher an Erwuessener, di net liesen a

schreiwe kënnen. Dovu si bal 2/3 Fraen. Mir wëssen awer alleguer dass ouni Bildung weder mënschlech Entwécklung, nach wiertschaftleche Fortschrëtt, a virun allem och keng Opklärungsaarbecht méiglech ass.

Santé:

Dat selwecht gëllt och nach ëmmer fir de Gesondheetssecteur wou onst Haaptzil och iwwer di nächst Joren den Opbau vun enger universeller Gesondheetsbetreiung wäert sinn. Mee och d'Lutte géint iwwerdrobar Krankheeten, insbesonnesch dem HIV/AIDS, wäert weiderhin am Focus bleiwen mat enger ganz aktiver Presenz a Westafrika, notamment iwwert den sougenannten *plan de rattrapage en Afrique de l'Ouest et du Centre* an d'Initiative 90-90-90, wou den President vun onser Chamberkommissioun, den Marc Angel – deem ech hei e groussen Merci soen - ganz aktiv ass, grad wéi ons Zivilgesellschaft.

Gender:

D'Chancëgläichheet tëschent Fra an Mann ass e Mënscherecht a wäert sech och an Zukunft net nëmme wéi e roude Fuedem duerch all eis Programmer zéien, mir wäerte nach vill méi gezielt am Beräich vun der Autonomisatioun vun de Fraen usetzen.

Der UNO no schaffe méi wéi 740 Millioune Fraen an der informeller Ekonomie, ouni Accès zur Protection sociale. Vill vun hinne musse mat hire Familljen op enkstem Raum ënner schlechten hygienesche Bedingunge liewen. Duerch ons Projet'en, a virun allem duerch Microkrediter kënne mir Hëllef zur Selbsthëllef bidden, déi et hinnen erlaabt fir sech an hier Famill en Akommes ze schafen. Dëst mee och vill aner Usätz um Terrain, wierken sech direkt och positiv op hier Kanner aus di doduerch z.B. d'Méiglechkeet kréien an d'Schoul ze goen.

Finanz & Privatwirtschaft

E puer Wuert awer och nach méi generell zu onser Arabescht an der Microfinanz.

Eis Kooperatioun huet säit méi ewéi 20 Joer an dëse wichtegen Domaine investéiert, an domadder erlaabt en dynameschen Ecosystem vun der inklusiver Finanz zu Lëtzebuerg opzebauen.

Mir kënnen den Savoir-faire an d'Technologien vun der lëtzebuergescher Finanzplaz dofir den Leit a Länner zur Verfügung stellen, déi ouni ons net automatesch vun dësen profitéieren kënnen. Den Secteur vun der inklusiver Finanz kann a soll dofir och an Zukunft als e wichtegen a festen Bestanddeel vun dem méi breeden Secteur vun der nohalteger Finanz gesi ginn, deen d'Regierung proaktiv mat opbaut.

An dem Sënn wäert dann och am November d'Thema vum 10ten europäesche Präis vun der Microfinanz den Klimawandel an d'Resilience sin.

Och eis Zesummenaarbecht mam Privatsecteur fänkt op ville Pläng u Form ze huelen an dass et vu Säite vun de Betriber groussen Intérêt gëtt, huet sech lo kierzlech beim Lancement vun der drëtter Editioun vun der Business Partnership Facility nees gewisen. An Zesummenarbecht matt der Chambre de commerce hu mer mëttlerweil schonn 17 Projet'e kofinanzéiert an de Beräicher vun der Fintech an e-Health, der Logistik, der *Economie circulaire* an der Ekoinnovatioun.

Accès un d'Justiz, Menscherechter a Rechtstaatlechkeet

Ee vun de 4 Haaptaxen vun onser Strategie, a sécher eng grouss Prioritéit fir mech, ass eng inklusiv Gouvernance. Ech hat direkt am Februar d'Geleegenheet un enger internationaler Konferenz vun der *Task force on Justice* zu La Haye déi op Initiativ vun der hollännescher Regierung zum Thema "Access to Justice" organiséiert gouf. Ganz ënner dem Zeeche vum ODD 16, d.h. *equal justice for all*, ass et d'Ambitioun vun dëser Initiativ de Respekt vun de Mënscherechter an d'Eliminatioun vun de villen Ongläichheeten déi et leider nach ëmmer gëtt, vill méi intensiv weiderzedreiwen, dëst iwwer de Wee vun enger innovativer an offensiver Inklusiounspolitik.

Et gëtt leider vill ze oft vergiess dass et net duer geet Rechter ze proklaméieren, mee dass ee sech vu senge Rechter nëmmen eppes kafe kann wann een och d'Méiglechkeet huet dës op eng liicht, accessibel a sécher Aart a Weis anzekloen.

Laut Schätzungen déi vun dëser Taskforce virbruecht gi sinn, hun zur Zäit weltwäit ronn 2 Milliarde Mënschen mol iwwerhapt net d'Méiglechkeet hunn op e vertrauensvollt Justizwiesen zréckzegräifen, a sin deemno nach wäit ewech vun der d'Zilsetzung vun enger "Justice for all" fir 2030.

Ech deelen d'Iwwerzeegung vun de Kollegen déi ech bei dëser Geleegenheet kenne geléiert hunn, dass dës Suerg ëm den ODD 16 eng vill méi zentral muss ginn.

Justiz ass e Fundament ouni dat et keng stabil Menscherechtslag ka ginn, an dofir wäert ech dës Initiativ mat ganz vill Interessi suivéieren. Ech sinn iwwerzeegt dass Lëtzebuerg an Zukunft eng méi grouss Roll an dësem Beräich ka spillen, an e wäertvolle Partner vun dëser *Task Force* ka ginn.

Erneierbar Energien

En anere Secteur deen ech als absolut prioritär gesinn ass, nieft dem Waasser wou mir schonn iwwer Joeren eng grouss Expertise opgebaut hunn, ass dee vun den erneierbaren Energien. Si si net nëmmen de Schlëssel zu enger globaler wiertschaftlecher a sozialer Entwécklung, mee virun allem och e kruziale Levier fir eng nohalteg Entwécklung am Sënn vun enger effizienter Klimapolitik. Lëtzebuerg huet als Land grouss Ambitiounen a vill Expertise an dësem Beräich. Dofir ass et ons wichteg och um Niveau vun onse Partnerlänner an Zukunft e verstäerkten Akzent op dëse Secteur ze setzen. Engersäits natierlech an direkter Zesummenaarbecht mat de Kollege Ministeren fir Ëmwelt an Energie, mee donieft awer och verstäerkt mat onse Privatbetriber, déi sech op dësem Terrain staark gemaach hunn a sécherlech vill Potenzial bidde fir zu onser internationaler Visibilitéit bäizedroen.

Här President,

Dir Dammen an dir Häre

En anere wichtegen Deel vun onser dagdeeglecher Aarbecht den ech wëll ervirhiewen an den och sécherlech iwwer di nächst Joren verstäerkt am Focus wäert sinn, ass ons **Humanitär Hëllef**.

Si ass, nieft der Entwécklungshëllef och eng konkret Illustratioun vun eiser internationaler Solidaritéit, an een essentiellen Deel vun eiser Aussepolitik, wou mir eis onser Verantwortung an enger ëmmer méi connectéierter Welt bewosst sinn, an wëssen datt dat wat mer a Regiounen déi wäit ewech vu Lëtzebuerg sinn maachen, och zu méi Stabilitéit an onse Géigende kann bäidroen.

Et zeechent Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger aus datt eis d'Leed vun den Mënschen a Krisegebidder wéi am Yemen, a Syrien, an der Zentralafrikanescher Republik an och am Sahel net egal ass.

Mir wëssen dass humanitär Hëllef eleng net een Enn vu Konflikter oder Naturkatastrophen erbäi féiert. Mee et ass ons politesch an mënschlech Pflicht dass mir alles maachen fir dass déi Mënschen déi alles verluer hunn, een Deel vun hirer Dignitéit zréckfannen, an eng Stäip fannen fir hiert Liewen rëm opzebauen.

Duerch Krisen déi sech an der leschter Zäit ëmmer méi oft iwwert Joren zéien, ass et ons och ëmmer méi bewosst ginn wéi wichteg et ass eng gutt Transitioun tëschent humanitärer Hëllef an Entwécklungshëllef ze assuréieren.

Ech well op dëser Plaz, nieft dem Internationalen Comité vum Roude Kräiz an den humanitären UNO's Agencen, besonnesch och d'Aarbecht vun deene Lëtzebuerger ONG'en ervir hiewen, déi an Krisen oder Katastrophengebidder aktiv sinn an do am Sënn vun den humanitären Prinzipien schaffen.

Duerch d'Ausmooss an di gréisser Komplexitéit vun den humanitäre Krisen, sinn ech iwwerzeegt dovunner datt mir nach méi staark op innovativ Solutiounen am technologeschen, logisteschen an och finanziellen Beräich mussen zréckgräifen.

Ee Beispill wat der duerch rezent traureg Schlagzeilen sécherlech gutt kennt ass Emergency.lu.

Duerch dëse Projet deen et erlaabt bannent kierzester Zäit mat enger mobiller Infrastruktur Konnektivitéit a Krisegebidder ze erstellen, hu mir am Partenariat mat SES een, an där Form, eenzegaartegen nationale Savoir-faire am Kommunikatiounsberäich, an mir kënnen alleguerten houfreg sinn dass 5 Memberen vum CGDIS nom Zyklon Idai op Mozambique konnten mat onsen Satellitesystemer virun allem de Rettungsequipen sur place, mee och der Bevëlkerung op eng pertinent Manéier hëllefen.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Et gëtt vill gutt Grënn fir e staarkt entwécklungspolitescht Engagement, sief et an Afrika oder an aneren Regiounen:

Lëtzebuerg ass keng Insel. Eist Liewen ass ganz enk verbonnen mat deem vun de Mënschen aus anere Länner a vun anere Kontinenter: Mir liewe vum Import; mir reesen duerch d'ganz Welt, an ons Wiertschaft steet a fällt mat der Disponibilitéit vun auslännescher Aarbechtskraaft. Eis Zukunft als klengt Land kann nëmmen eng Zukunft am Zesummespill mat anere Länner sinn, well ons Zukunft steet an direktem Zesummenhang mat dem Schicksal vun de Leit an der Natur wäit iwwer ons Grenzen eraus.
Feelend Liewensperspektiven, Ëmweltkatastrophen, Krankheeten & Pandemien, verstäerkt duerch eng demographesch Explosioun an aneren Deeler vun der Welt féieren onweigerlech zu neie Konflikter déi d'extrem Aarmut an d'Luucht dreiwen. Mir mussen et also fäerdeg bréngen de Mënschen an den manner entwéckelte Länner nei Perspektiven ze ginn a virun allem och d'Mënscherechter nees vill méi an de Virgrond ze bréngen.

Mir si mat Problemer confrontéiert déi nëmmen duerch global Léisungen an de Grëff ze kréie sinn. Ech wëll des Geleegenheet dofir notzen fir mech kloer en Faveur vum Multilateralismus auszeschwätzen. Den aktuellen Trend a ville Länner, och an Europa, zum Nationalismus ass kontraproduktiv an zudéifst beonrouegend.

Fir Lëtzebuerg, an och fir d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef, gëtt et a mengen Aen keng Alternativ zur internationaler Zesummenaarbecht an dem transnationalen Austausch. D'EU, an och d'UNO si wichteg international Foren, déi besonnesch fir ee kléngt Land wéi Lëtzebuerg immens wichteg sinn.
Ech gleewen dofir och haut nach un d'Essenz vum Robert Schumann senge Wieder wou hien am Mee 1950 a senger Ried zur europäescher Eenegung d'Meenung vertrueden huet dass de Wuelstand deen an Europa duerch eng wiertschaftlech Zesummenaarbecht zustane komm ass, och de Schlëssel wäert si fir d'Entwécklung um afrikanesche Kontinent weiderzedreiwen.

Dës Idee vun engem gemeinsamen europäesche Projet fir d'Entwécklungshëllef huet dozou gefouert dass d'EU an hir Memberstaten mëttlerweil gréissten Donateur weltwäit sinn, mat ronn 60% vun der APD.

Dem Robert Schumann seng Wieder sinn haut, d.h. ronn 70 Joer méi spéit, nach ëmmer vu grousser Aktualitéit: Europa brauch e gemeinsame Projet fir Afrika, dee nei Äntwerten op nei Erausfuerderunge liwwert.

An dass Lëtzebuerg mat senger europäescher Traditioun a laangjäreger Expertise eng dreiwend Kraaft vun dësem Projet kann a muss ginn, dat ass och eng Evidenz.

Mir sinn net dee gréissten Acteur oder Donateur, mee mir hunn eng neutral Stëmm di gehéiert gëtt a vermëttele kann. Den héijen Prozentsaz vun onser Entwécklungshëllef, mécht ons zu engem respektéierten Partner, a mir kënnen eng net onwichteg Roll spillen op internationalem Niveau.

Den **Accord vun Cotonou**, also dem Partnerschaftsofkommes tëscht der EU an Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, leeft am Februar 2020 aus.

D'Verhandlungen iwwert en zukënftegt Ofkommes goufen am September 2018 mam Ziel lancéiert, e neie Vertrag an der zweeter Halschent vun dësem Joer ze ënnerschreiwen.

Lëtzebuerg huet a wäert sech mat anere *like-mided* Länner besonnesch asetzen fir d'Beräicher vun der Entwécklungszesummenaarbecht, der Stäerkung vun der Zivilgesellschaft, dem Gender, der sexueller an reproduktiver Gesondheet - an den Rechter an deem Beräich- dem Schutz vun onbegleeten Migrantekanner, der Landwirtschaft, der berufflecher Ausbildung, dem Notzen vun de modernen

Informatiouns- an Kommunikatiounstechnologien fir Entwécklungszesummenaarbecht, an der Microfinanz.

Eng weider Äntwert op di nei Erausfuerderungen soll en **neit europäescht Instrument fir Noperschaft, Entwécklung an international Kooperatioun (NDICI)** bidden: Déi vereinfacht Architektur steet fir méi Transparenz a méi Flexibilitéit, fir mat enger breeder Palette u politeschen Optiounen déi aussepolitesch Prioritéiten vun der Unioun besser ze vertrieden a virun allem méi séier op néi Entwécklungen an der Welt kënnen ze reagéieren.

An de Verhandlungen betount Lëtzebuerg ëmmer erëm dass d'Finanzéierung vun der Entwécklungshëllef, virun allem an Afrika, eropgesat misst ginn, fir den Ambitiounen vum Partenariat tëschent Europa an Afrika gerecht ze ginn. An dësem Kontext verlaangt Lëtzebuerg, dass d'Ustrengunge fir d'Bekämpfung vun der Aarmut vum neien Instrument net a Fro gestallt däerfen ginn oder duerch aner Prioritéiten ersat ginn. Lëtzebuerg setzt sech och dofir an, dass d'Memberstaaten an d'europäescht Parlament mussen an d'Entscheedungen agebonnen ginn an dass d'Kommissioun an Zukunft net eleng décidéieren kann, wat fir eng Aktivitéiten finanzéiert ginn.

Dir Dammen an dir Hären,

Am Sënn vu méi **Transparenz** wäerte mir och schnellstméiglech der sougenannter "IATI" Initiative bäitrieden, déi fir eng méi oppen an transparent Entwécklungspolitik steet. Et handelt sech dobäi ëm gemeinsam Normen déi duerch *d'Initiative internationale pour la transparence de l'aide* gefuerdert a festgesat sinn. En Témoignage *Why is it important?* hunn ech de Moien op Twitter gesat.

Mee Transparenz op d'Daten alleng geet net duer. Grad sou wichteg wéi d'Quantitéit vun der Hëllef ass letztendlech hir **Qualitéit an hir Effizienz**. Als Kooperatiounsminister gesinn ech et dofir als meng éischte Pflicht dës ëffentlech Gelder och an Zukunft sou effizient wéi méiglech anzesetzen an eng méiglechst héich Wierksamkeet um Terrain ze erreechen.

Effizienz en Thema daat och d'EU beschäftegt: Laut eegene Schätzunge vun der Kommissioun kéinten duerch eng besser Koordinatioun tëscht de Memberstaaten insgesamt bis zu 6 Milliarden Euro agespuert, an domadder fräigestallt ginn fir aner wichteg Entwécklungsaarbecht.

Meng Prioritéit ass et ons bestehend *Programmes indicatifs de Coopération* op de Leescht ze huelen an etwaegt Optimisatiounspotenzial duerch eng verstäerkte Vernetzung mat onsen europäesche Partner sur place ze identifizéieren. Zesumme mat onse Partner a Leit op der Plaz , wäerte mer dofir eng éierlech Analys maache vun allem wat gutt leeft, mee virun allem -an dat ass ganz wichteg- och vun dem wat vläit net sou gutt leeft.

Här President, Dir Dammen an dir Häre,

Ech kann meng Ried net ofschléissen ouni vun engem anere ganz wichtege Partner ze schwätzen: Ons ONGen. Mat Ronn 16% vun onser APD stinn si net nëmme fir e festen Bestanddeel vun onser Entwécklungszesummenaarbecht. D'ONGen hunn och aktiv an engem partizipative Prozess un der Formuléierung vun onser neier Strategie matgeschafft and dat ass och gutt esou.

Si sinn déi, déi am nootsten um Terrain schaffen, direkt bei den Bénéficiairen a si sinn et och ganz oft, déi mat neien Iddien a Konzepter kommen. Ausserdeem zeechent sech ons Lëtzebuerger ONG-Landschaft, duerch een ganz groussen Asaz vu Bénévolen aus a grad deenen Bénévolen, déi sech Dag fir Dag, heiheem an um Terrain asetzen fir eng besser a méi nohalteg Welt, well ech op dëser Plaz e grousse Merci soen.

D'lescht Joer sinn déi éischt Accord-cadres a Projet'en mat deene neien Tauxen 60% / 80 % ënnerschriwwe ginn, an d'Modalitéit vum *Appel à projets* huet sech duerchgesat. Et war e wäite Wee bis dohinner, deen och net ëmmer einfach war fir d'ONGen, mee mir gesinn elo schonn éischt Resultater.

Zesummen mam Cercle des ONG, deen dëst Joer seng 40 Joer wäert feieren, wäerte mer och weiderhin an d'Aarbecht vun onsen ONGen investéieren. Den Cercle schaaft e Raum, wou si sech kënne begéinen an austauschen. Dës Synergien si wichteg, an ech encouragéieren all ONG sech och weiderhin fir esou eng *Mise en réseau* staark ze maachen.

Dir Dammen an dir Hären,

De leschten a fir mech wichtegste Punkt deen ech haut well ervirhiewen:

Nieft allen Efforten déi d'Weltgemeinschaft iwwer di lescht Jorzéngte gemaach huet gëtt et ëmmer méi ersiichtlech dass di klassesch Entwécklungspolitik un hier Grenze stéisst. D'Erausfuerderunge gi net méi kleng, am Géigendeel, an et ass dofir dringend néideg och an dësem Beräich ëmzedenken, an de Potential vu neien Technologien voll a ganz ze exploréiren an an den Déngscht vun enger innovativer an nohalteger Entwécklungspolitik ze setzen.

An dem Sënn huet mech a menger kuerzer Amtszäit e rezente Besuch zu München beim "Innovation Accelerator" vum *World Food Programme* dee mir säit leschtem Joer ënnerstëtzen, ganz staark motivéiert. Et ass eng Plattform déi nei innovativ Approchen duerch eng iwwergräifend Zesummenaarbecht erméiglecht tëscht Betriber, ONGen, ëffentlechen Träger, a virun allem och jonke Leit a Start-ups, dëst mam Ziel komplett nei Weeër ze goen fir den Honger weltwäit ze bekämpfen.

Ech gleewe ganz staark drun dass et dem Mënsch seng Kreativitéit wäert sinn di zu neien Erkenntnisser a Léisungsusätz wäert féieren,

an dass mer nëmmen ze gewannen hu wa mer alles drop setzen di richteg Rahmebedingungen ze schafe fir dës Kreativitéit, virun allem bei onse jonke Matmënschen, ze fuerderen a fräizesetzen.

A grad op dësem Gebitt gesinn ech och fir Lëtzebuerg vill Potential fir e wäertvolle Bäitrag ze leeschten well mir sinn haut schonn international unerkannt als *Digital Nation* a mir hunn e grousst Netz un Acteuren aus alle Beräicher di ganz bestëmmt houfreg wäerte sinn an dës Richtung och wäit iwwert ons Grenzen eraus matzeschaffen.

Och wann ech gären lo géif nach emol usetzen, an iech nach e puer Beispiller vun innovativen Usätz ginn, déi zum Deel duerch ons Finanzementer an d'Liewe geruff goufen, weess ech dass d'Zäit mer dat lo net direkt erlaabt. Ech géif mech dofir drop beschränken ofschléissend ervirzehiewen dass ech net méi spéit wéi leschten Freiden e gemeinsamen Opruff un d'Europäesch Kommissioun ënnerschriwwen hunn deen ënner dem villverspriechenden Numm "Digital4Developpment" am Joer 2015, ënner eiser Présidence, vun e puer Memberstate lancéiert gouf an e staarke Plaidoyer fir e verstäerkte Support an dës Richtung ass.

Dës Initiativ regroupéiert mëttlerweil scho 14 Signatairen – Tendenz steigend - an huet iwwer di lescht Joeren scho vill Echoe fonnt. Ech free mech dofir ganz besonnesch och onsem Land kënnen an deem Kader iwwer di nächst Joeren eng grouss Visibilitéit ze ginn a sinn absolut zouversiichtlech datt ons dat gelénge wäert.

Modern Technologien an Innovatioun sinn awer net nëmmen Instrumenter déi ons hëllefe wäerten a verschidde Beräicher Léisungen ze fannen, mee si sinn och ee wichtegen Vecteur fir ons Wäerter, an dat woufir mir an der Kooperatioun stinn, onsen méi jonken Matbierger ze vermëttelen.

Ech denken do natierlech ganz besonnesch un Schüler an Studenten an ech wäert dofir dëst Joer och fir d'éischt - en marge vun den traditionellen *Assises de la Coopération,* déi am Dezember wäerte sinn - een Tech Challenge lancéieren zum Thema "She is equal", fir dass mir och nieft onsen traditionellen Interlocuteuren, méi bewosst d'Usiichten an d'Idee vun deene jonken Generatiounen kennen mat abréngen.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Jo : "Den Zolwerknapp ass net de Montparnasse", dat huet op dëser Plaz virun e puer Wochen den André Bauler ons ganz pertinent virun Aa geféiert, am Kader vun der Presentatioun vum Budgetsrapport. An dat Bild hat ech bei der Preparatioun vun dëser éischter Deklaratioun nawell selwer zimlech oft virun Aa.

Mee ech si fir mäin Deel no dësen éischte Méint zur Konklusioun komm dass mer ons net méi kleng solle maache wéi mer sinn, an dass grouss Changementer ganz oft duerch kleng Ustéiss zum Droe kommen. Jidder Eenzelen zielt, a jidder Eenzelnen kann och letztendlech en Ënnerscheed maachen!

Vun dëser Plaz also nach emol e grousse Merci un di vill Leit déi d'Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht duerch hiren Asaz mat Liewe fëllen,

an iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.